CORPS GRAND-DUCAL
**INCENDIE & SECOURS**

**Direction générale**

Luxembourg, le 23 juillet 2021

Un all d'Membere vum CGDIS

Référence : 20210722_LET_inondations

**Objet : Iwwerschwemmungen a Lëtzebuerg**

Op Grond vun dem staarke Reen, gouf de CGDIS vun der Nuecht vum 14. op de 15. Juli, an och nach di Deeg duerno, ganz vill an Usproch geholl. De CGO an d'Salle de débordement waren aktivéiert an iwwerall am Land waren d'Pompjeeë au de CIS'en wéi och aus 8 GIS'en wéinst Iwwerschwemmungen am Asaz, fir de Léit an den Déieren an Nout ze hëllefen, an de Schued u Gebaier méiglechst kléng ze haalen.

Alleng vum Mëttwoch dem 14. Juli bis e Freiden de 16. Juli goufen 1500 Asätz vum CSU-112 koordinéiert a vun de Pompjeeën um Terrain ofgeschafft, zousätzlech zu den onzielegen Asätz, déi um lokalen Niveau koordinéiert goufen.

D'Zesummenaarbecht tëschent den eenzelen Acteuren an zemools de Gemengen huet besonnesch gutt geklappt, esou dass 560 Leit an onzieleg Déiere mat der Hëllef vun de Pompjeeën evakuéiert konnte ginn. Dës Collaboratioun wäert och am Kader vun engem «Retour d'expérience (RETEX)» nach eemol méi genee analyséiert ginn, well se d'Basis fir eng effikass Gestioun vun esou engem Groussasaz ass.

Zudeem konnte 27 Persounen duerch de CGDIS aus potentiell geféierleche Situatiounen gerett ginn, an Lëtzebuerg huet glécklecherweis keng blesséiert oder verstuerwe Persounen ze vermierken.

Och wann d'Pompjeeën zu Lëtzebuerg staark gefuerdert waren, konnt de CGDIS awer och nach Kapazitéite stellen, fir an de Nopeschlänner auszehëllefen. De GIS Sauvetage Aquatique konnt hei an der Géigend vu Léck an der Belsch hëllefe 50 Persounen aus geféierleche Beräicher ze evakuéieren a säit dem 16. Juli ass e Peloton mat 10 RTW an der Géigend vun Ahrweiler an Däitschland op der Plaz fir och hei Hëllef am Beräich vum Secours à Personnes ze leeschten.

Dir alleguerten hutt Iech vun e Mëttwoch un bis iwwert de Weekend eraus onermiddlech am Asaz engagéiert oder fir wéider Asätz bereed gehalen. Dank dëser grousser Disponiblitéit konnt de CGDIS niewt de villen Asätz am Kader vum Héichwasser och säin normalen Asazdéngscht jidderzäit oprecht erhalen. Besonnesch gefreet huet mech hei och déi grouss géigesäiteg a kollegial Ënnerstëtzung tëscht den Asazzenteren a Spezialgruppen um Terrain. De CGDIS als een zesummenhalende Corps, wou jidder eenzelen säin perséinlechen Deel dozou bäigedroen huet, konnt esou der Bevëlkerung eng beschtméiglech Hëllef zoukommen lossen, an hinnen an der Nout zur Säit stoen.

**Mat dësem Bréif wëll ech Iech dofir ee grousse Merci soen, fir Ären exzeptionnellen Engagement iwwer di lescht Deeg.**

Ech drécken heimat och mäi Matgefill a meng Solidaritéit aus fir all déi Memberen, déi perséinlech vun den Iwwerschwemmunge betraff sinn an och fir déi CIS'en, déi selwer net vun dem Héichwaasser verschount bloufen.

De Chef de corps
Paul Schroeder

**Corps grand-ducal d'incendie et de secours**
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél +352 497711 · dge@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36